N°5457
Reçue le 04.01.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 04.01.2022

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. Januar 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

A senger Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nr. 5213 iwwer d'Veröffentlechung vun Iwwerfäll an Abréch äntwert den Här Minister mat Verweiser op meng parlamentaresch Froen Nr. 3682 vum 19.02.2021, Nr. 4039 vum 07.04.2021 an Nr. 4211 vum 04.05.2021. Dës Verweiser loosse meng parlamentaresch Fro Nr. 5213 awer zum Deel onbeäntwert.

Aus deem Gronn géif ech dem Här Minister gär déi folgend Froe stellen:

1) An der Period vum 1. September bis zum 31. Oktober 2021 huet d'Police bis elo landeswäit 58 Iwwerfäll, dorënner zwielef versichten Iwwerfäll, statistesch erfaasst. Wéi vill dovun sinn der vun der Police ëffentlech gemaach an un d'Press weidergeleet ginn, a wéi vill net?
2) An der Period vum 1. September bis zum 31. Oktober 2021 huet d'Police bis elo landeswäit 411 Abréch, dorënner 166 versichten Abréch, statistesch erfaasst. Wéi vill dovun sinn der vun der Police ëffentlech gemaach an un d'Press weidergeleet ginn, an wéi vill net?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup, Deputéierten